PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Interieur weiderzeleeden.

Dëst Joer goufen d'Éischt-Hëllef-Coursen, déi normalerweis vun de Gemengen iwwert den CGDIS organiséiert ginn, wéinst de sanitäre Mesurë géint d'Covid-19-Pandemie suspendéiert. Bis ewell ass nach keen Datum fir de Relancement vun de Coursen ugekënnegt ginn. Déi Leit, déi sech als Secourist wëllen ausbilde loossen, bleift aktuell nëmmen d'Méiglechkeet op déi deier Formatioune bei privaten Trainingszenteren unzemellen, déi sech haaptsächlech un d'Entreprisë riichten. Et ass wichteg, dass an eiser Gesellschaft gutt informéierten an ausgebilte Secouristen ënnerwee sinn, well d'éischt Hëllef am Eeschtfall Liewe ka retten. Op d'Fro n°1998 hat d'Regierung schonns geäntwert, datt si eng Refonte vum Führerschäin virgesäit an iwwert d'Obligatioun fir een Éischt-Hëllefs-Cours nodenkt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Inneministesch schonns präziséieren, fir wéini déi nächst Éischt-Hëllefs-Coursë beim CGDIS geplangt sinn?
2. Wéi vill Prozent vun der Bevëlkerung hunn aktuell ee validen Éischt-Hëllefs-Diplom? Wéi huet sech dëse Prozentsaz an de leschte 5 Joer entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député